Advertisement

NATIONAL - CHAMBER

# René Schlechter zum neien Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher genannt

RTL | Update: 09.07.2020 13:34 | 0 Commentaire(n)




**Am Februar war de Gesetzprojet guttgeheescht ginn vun dësem Organ, dat d'Relève vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand wäert iwwerhuelen.**

De René Schlechter gouf en Donneschdeg de Moien an der Chamber mat 42 Stëmmen zum neien Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher genannt. Hien iwwerhëlt domadder d'Relève vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, deen hie bis elo och presidéiert huet.

Déi nei Institutioun gëtt direkt un d'Chamber rattachéiert.Dono sinn et d'Debatten iwwert d'Regierungserklärung zu der Covid-Pandemie vun e Mëttwoch. Bis ewell hu sech schonns 11

Deputéiert op d'Riedner-Lëscht ageschriwwen. Vum Premier a vun der Santésministesch war et e Mëttwoch jo den Appell un d'Solidaritéit an d'Eegeresponsabilitéit vu jidderengem.